Am Sonntag sind wir Morgens den Trajet zurück gegangen. Mittags haben wir das Zelt 2 Mal auf- und abgebaut. Wir haben auch eine Konstruktion gemacht, eine riesige Hängematte aus der nichts am Ende geworden ist. Danach sind wir schwimmen gegangen, die Chefen haben eine Schlammschlacht mit uns gemacht. Am späten Mittag hat ein Chef mit uns die Knoten geübt. Dann haben wir noch zu Abend gegessen. Nachdem die Beaver im Bett waren, haben die Scouten und die Wellef den Film : emmer bereet geschaut. Danach sind wir dann ins Bett gegangen.
Ruben Wiltgen

Rapport Paischtcamp 4. Daag
Moies wou mir erwächt sinn, huet et gereent. Du konnte mir am Zelt bleiwen, bis mir zu Moies giess hunn. Du hu mir schon eise Rucksak gepaakt. D'Wiss war naass an net jiddereen hat eng Reenjackett! No dem Iessen hu mir d'Zelter ofgebaut! Mir hunn och Feier gemaach fir de Kartong an d'Ficelle ze verbrennen. D'Toilettë goufe gebotzt an dann hu mir nach mat de Wëllef zesummen e wäissen T-Shirt mat Batiktechnik gemaach. Et konnt een en rouden, bloen, gréngen oder gielen T-Shirt maachen. Du hu mir zu Mëtteg giess, et gouf Räis mat Tomatenzooss. Dann, no der Chaîne des Adieux sinn d'Wëllef an d'Scoute bei de Bus gaang fir rëm heem.
Sarah Simonis

# Rapport Sixplo
Rapport Sixplo

Samstag, den 2. April 2011
Die Sixer sind den Samstag mit Bussen nach Echternach in die Jugendherberge gefahren. Wir haben unsere Sachen in die Turnhalle gelegt. Dann sind wir auf den Zirkusplatz gegangen. Da haben die Cheffen uns eine Vorstellung gezeigt. Dann kam der Zauberer der aus dem Zirkus gefeuert wurde. Er hatte die Maschine kaputt gemacht. Aber die Zirkusleute konnten ohne die Maschine nicht mehr auftreten. Dann haben wir Gruppen gemacht. Wir mussten die Teile der Maschine finden, die der Zauberer kaputt gemacht hatte. Wir mussten verschieden Aufgabe machen. Wenn wir eine Aufgabe gemacht hatten, bekamen wir ein Stück von der Maschine. Als die Zeit um war, hatten wir die Maschine wieder zusammen gebaut. Danach sind wir uns installieren gegangen. Nach dem Installieren haben wir zu Abend gegessen. Dann haben wir das Nachtspiel gemacht. Als Nachtspiel mussten wir gegen die Bösen kämpfen, wo wir aber gewonnen hatten. Wir kriegten den goldenen Adler. Der Adler war das wichtigste der Maschine. Dann sind wir schlafen gegangen. Mitten in der Nacht ging der Feueralarm los. Aber das war keine Übung. Ein paar Jungendliche hatten eine Kerze angezündet, deswegen ging der Feueralem los. Wir mussten mit unseren Pyjamas raus gehen. Als alles kontrolliert war, konnten wir wieder rein gehen. Dann schliefen wir weiter bis zum Morgen.
Ketty Majerus

# Foto Rallye « Scout fir en Dag »
Foto Rallye








# Rapport Faakelzuch

Rapport Faakelzuch

Sou lo war et rem sou weit mam Faackelzuch . Wie all Joers hunn mia eis bei der Metzlerei Kaiffer op 77 Grand Rue getraff. Wie den Pitt an ech um 20.30 an Grand Rue komm sinn ass et do beim Kaiffer schon richtech ab gangen. Haart Musik an farwesch Luchten hunn fir eng guudd Stemmung geseuscht an et goufen och schon flaissech Türringer an Mettwurschten ungegrillt. Et woren leider iwerhapt keng anner Exploer do dofir sinn ech den Faackelzuch einfach bei den Scouten matt gangen. Mia hunn bis 21.30 ob all eis Beaver, Wëllefcher,d'Scouten an d'Guiden gewuad an dunn gouf nach eng keier schnell no kontrolleiert ob itwereen do war. D' Beaver an Wëllefcher krutten hier Lampionen aus gedeelt an mir gouffen vum Kodiak an Lex zesummen getrommelt an krutten eis Fackelen aus gedeelt an dann geht jio emma sou schein gesoot : '' An net matt den Fackelen spillen sie mussen ganz bleiwen et get keng zweet! ^^'' Dunn ass et lass gangen dunn hunn ma schnell missen bei den Fackelzuch-Unfank goen .Enerwee heut den Lex emma rem Animation gemaat datten d´Leit och alle gur wossten datten mia Lionsbleus vun Bonneweg sinn. Dunn war ma do un komm an mia hunn schon remm missen wuaden d´ Mamer wieselen an Panther Noire waren firun eis an hannert eis waren D´LGS ! Naaatiiirlech hunn ma remm missen daat scheint Lidd fir sie sangen xD. No ongedelechem wuaden ass et dunn endlech ugang an d´Faackelen sinn un gemaa ginn an direckt hunn ma ungefangen eis Lidder an eist Weltberühmtent Lidd zesangen an dess keier och na sou oft als wär et net peinlech genuch sou blööd ronderem zehamplen. Egal dofir sinn mir awer remm guud ukomm bei eisem Puplikum! Sougur wie den Grandduck eis schon konnt gesinn hunn mir eis na matt dem Lidd net ginn on monter wieder gesongen mee mir hunn ons dunn och endlech eis bereuescht an proper Ungeschlooen. Voila an dunn war et och schon eremm fir desst jioer mam Faackelzuch eriwer .

Text: Vanda

Foto: Tahr












Rapport Pow-Wow 2011

## Pow-Wow 10. Juli zu Capellen



Dest Joer wor den Pow wow am Thema Europa, an et gouffen lauter stänn zu dene verschiddenen Länner. Sou konnt en sech dann mol kuerz an d'Belge puer selwergemaachten Fritten schmaachen loosen oder eng Pizza bei d' Italiener baacken goen. An russland konnt een sech eng Babuschka maachen an, an Holland den Keis duerch d'Geigend rullen loosen, an Frankreich misst een probeire all d'Atomkraaftwierker ze deaktiveiren, an deems een selwer probeiert hued Energie ze produzeiren an sou d'Atomkraftwierker iwerflesech gemaach hued, an dei dun ganz einfach ausgebloosen huet! Et huet een sech deen daag net nemmen gudd amüseiert, mais och nach di verschidde Spezialiteiten an Gebräicher aus denen verschiddenen Läner kenegeleiert. Auserdeem duerfte d'Cheffen heinsdo och staunen wei gudd hier d'Kanner sech mat Geographie auskannt hun, an dofir direkt wossten wou Taalin geng leien an dass daat d'Haapstaat fun Estland wär! D'Lions Bleus selwer woren Spuernier, an sou misst en dann op hierem Stand als Steier, probeiren Loftballonen mat den Haaren platzen ze loosen. Et wor een flotten an waarme Daach an dofir duerften d'Kanner zum Schluss all an een, mat Waaser gefelltenen, Basseng sprangen an do nach e bessen dran planchen. Et wär den perfekten Pow Wow gewiercht, wann d'Wëllef net nemme eng Bonne Meute kritt hätten an d'Explorer net nemmen eng Unité pilote, mais wann d'Lions Bleus och nach wei gewinnt hätten keinten d'Coupe gewannen. Leider gouf dest Joer naicht dorauser, net well mir net gudd genuch woren mais well et leider keng coupe gouf... Mais als gudd Scouten wessen ma jo dass gewannen net alles ass an dass et 2012 deen nexte Pow wow wärt gin, wou ma eist d'Kënnen dann rem beweisen wärten!
Prunelle









# Rapport Jamboree Sweden 2011

## Wolrd Scout Jamboree Sweden 2011







Den Rendez-vous fir IST'en war op Sonndes de 24 Juli halwer 7 owes gesat, natierlech waren och verschidden Leit bëssen a Verspéidung. Verschidden Leit aus dem Raum Bech haten zespéit ugefaangen mat iessen an och nach keng Fotokopien vun hiren Pabeieren, déi dunn nach hu missen op der Plaatz gemeet ginn. Nodeems endlech jiddereen do war an och déi zwee Sales Busser, konnt ugefaangen ginn all d'Wallissen, d'Keschten, d'Kiew an d'Rucksäck eran ze leeën.
Séier hunn mer eis all nach eng Kéier virun den zwee Busser opgestallt, fir eng Gruppefoto. Elo stoung der Rees néicht méi am Wee. Wei och deen leschten op senger Plaatz war, ass d'Fahrt an Direktioun Schweden och schon lass gaangen. Direkt nom Depart goufen d'Foularden ausgedeelt an direkt gedréint, no de Foularden waren déi wonnerschéin an qualitative héichwäerteg Badgen drun, jiddereen krut 3 Stéck. Uschléissend konnt jiddereen eenzel seng T-Shirt'en ënnen an den Bus sichen goen.
Elo war och schon Zäit fir déi éischt Paus vun der 14 Stonnen Fahrt. Jiddereen huet sech mat zousätzlechëm Proviant agedeckt an Kaffi gedronk. Natierlech goufen d'Toiletten och gutt besicht. No enger halwer Stonn ass et och schon erëm weider gaangen. No nach enger zweeter Paus stoungen mer op eemol moies wei et schon hell war virum Hafen op d'Fähr zewaarden. D'Fahrt op der Fähr ass schnell ëm gaangen, an et ass ouni weider Paus Richtung Jamboree gaangen. Um Fluchfeld ukomm konnten mer eis kuerz d'Been vertrëppelen ier mer eis an d'Schlaang vum Check-in gestallt hunn. Dat ass och relativ séier weider gaangen, wei jiddereen seng ID-Kaart hat oder seng provisoresch Kaart si mer erëm an de Bus geklommen fir op déi richteg Campplatz zefueren. Hei hu mer séier de Bus ausgelueden, d'Saachen op d'Säit gestallt fir direkt an den zweeten Check-in zegoen. Hei kruten mer eisen Sous-Camp T-Shirt, e Campbuch an mer kruten éischt Informatiounen iwwer eisen Job.
Déi nächst Hürd war dunn eis Zeltplaatz zefannen, mir kruten eng Nummer vun der Plaatz an déi ongeféier Richtung gesot. Wei mer eng Zäitchen iwwer d'Plaatz gehirscht waren, hu mer eis Plaatz bei engem klengen Bësch an net all zeweit vun den Toiletten ewech fonnt. Wei déi eenzel Zelter op hiren Platzen stoungen ass eis mol opgefall dat mir relativ vill Plaatz haten, fir eis opzehalen och nach déi eng oder aner Konstruktioun op ofzeriichten. Et war och nach Plaatz fir zwee iresch Zelter, an en groussen Fändelsmast huet net dierfen feelen.
Am Nomëtten stoung just nach um Programm araumen an iwwer d'Campplaatz kucken goen an sech bëssen orientéieren. Owes si mer eng éischten Kéier an dat riseg grousst Ieszelt iessen gaangen. Den éischten Owend war ganz gemittlech auskléngen gelooss ginn, well den aneren Dag ass et schon mat eisem Programm lass gangen.
Den éischten Moien war de ganzen Ravi nach net esou gutt organiséiert, dofir hu mer bëssen méi laangen missen waarden. D'Iessen war gréissten deel ëmmer gutt zemools wann een bedenkt dat ëmmer fir 10'000 Leit gekacht ginn ass.
Um éischten Dag hat jiddereen séin Jobtraining wou een déi wichtegst Saachen bäibruecht krut. Dann war och nach en klengen Programm an enger internationaler Patrull fir Patrullen-liewen kennen zeleieren an éischt Kontakter zeschaafen.
Deen Dag war den Jamboree-Shop och eng éischten Kéier op, natierlech war den

# Rapport Jamboree Sweden 2011











Deen Dag war den Jamboree-Shop och eng éischten Kéier op, natierlech war den Undrang extrem grouss, eng riseg Schlaang virum Zelt an bannen am Shop ass een net gutt bei komm. No enger ganz informativer éischter IST-Contingent-Versammlung war deen Owend och nach eng speziell Ouverture-Veillée fir IST'en.

Mëttwochs den 27, war den groussen Dag vun der Urees vun den Participanten, wat mat méi oder manner groussem Chaos verbonne war. Lues an lues huet sech déi ganz Camp-Plaatz gefëllt an et huet een sech erëm net méi esou gutt erëm fonnt. Am Nomëtten si mer den main square erfuerschen gaangen an vereenzelt Food-Haiser getest. Lues a lues ass bal jiddereen an de Roulement bei sengem Job komm, vereenzelter hu sech en relaxen Camp gemeet ouni iergendwou opzetauchen (amganzen sinn 500 IST net schaffen gaangen).

Um zweeten Owend wou d'Participanten do waren war déi grouss Veillée wou du bal 40'000 Scouten an der Arena sutzen. Dunn war den Jamboree um rullen an Zäit ass séier ëm gaangen, et huet een Schichten geschafft an nom Schaffen ass een zusummen mat deem den och grad frei hat iwwer de Site gaangen fir sech alles unzekucken. Fir d'owes Iessen hunn mer eis normalerweis ëmmer zu pur getraff fir zesummen an d'Iesszelt, bei d'Italiener, d'Lichtensteiner oder bei d'Schwäizer iessen zegoen.

Wei mer een frei Dag haten wou mer zu pur frei haten si mer mam Bus op Kristianstad gefour fir eng Kéier eraus zekommen. Eng aner Méiglechkeet déi een hat war fir op een Strand zefueren deen net ganz weit fort war.

Wann et net grad gereent (besser gesot aus Eemeren geschott) haat war et dat beschten Wieder, bal schon zewarm an eng staark Sonn an där och verschidden Leit sech verbrannt hun.

Op der Haaptplaatz sinn all Dag Aktivitéiten (wei Eisklammen, Slackline, …) ugebueden gin, wou jiddereen konnt mat maachen deen frei war. An senger Fräizäit konnte en och an déi eenzel Contingent Zelter kucken goen. Hei krut een Informatiounen iwwert dat respektivt Land, oder et konnt een e Spill maachen oder en Badge maachen, an et krut een Informatiounen iwwer nächst Jamboreeen an aner international Camp'en.

An do op eemol war et och schon Samschdes den 6 August do, do wou owes déi grouss Ofschloss ceremony war. Den Owend hat net mat esou schlechtem Wieder ugefaangen, mais den Himmel ass ëmmer méi zou gezunn bis et aus Eemeren geschott huet. Et goufen Fotoen vum Jamboree gewisen an verschidden international Kënstlecher haten en Optrëtt, als Highlight huet Europe gespillt. Dann ass nach den nächsten Jamboree an Japan fir gestallt ginn an de Swedeschen Kinig huet eng Ried gehalen. En grousst Freedefeier war dunn den Ofschloss an dunn war de Camp offiziell eriwwer. Fir IST'en goung et du nach weider, am groussen Iesszelt war eng gréisser Party.

Sonndes ass net méi vill gelaf, d'Participanten sinn all fort gefuer, an d'Camp-Plaatz gouf erëm eidel. Mir hunn eis Saachen och lues awer sécher zesummen geraumt an nach eng leschten Kéier en relaxen Dag gemeet an probéiert nach pur Badgen getosch zekreien. Owes war d'Oofschlossveillé fir d'IST'en déi mat Fotoen ugefaangen huet an spéider ass et och erëm am groussen Zelt weider gaangen mat der Party.

# Rapport Jamboree Sweden 2011







Mir haten vun dësem Owend profitéiert fir en Tour iwwer den ganzen Site zemaachen, wou déi eng oder aander Saachen opgefall sinn déi vergiess goufen. Verschidden Leit wollten onbedéngt an een vun den Food-Storen goen an goufen dunn do bannen vun Leit iwwerrascht déi do geschlof hunn fir opzepassen. Well d'iessen owes zewenschen iwwreg gelooss hat, hu mer owes um halwer 3 nach eng Kéier missten den Gaaskocher auspaken.

De leschten Moien ass op eemol alles ganz Séier gaangen, Kaffi drénken, Rucksak packen an Zelt zesummen packen, fir mëttes iessen goen, Konstruktioun an Fändelsmast ofrappen, an all d'Material bei den Bus droen. Wei alles verstaut war, ass d'Rees zréck heem schon lass gaangen. Déi éischt Fähr hu mer sou just verpasst, dofir war eng hallef Stonn Paus ugesot. Dono ass et ouni grouss Problemer a Richtung Lëtzebuerg gaangen, just dat mer pur mol missten extra laang Pausen maachen well verschidden Leit net zefrei wollten doheem sinn.

Um Park-&Ride ukomm, war déi läscht Erausfuerderung fir säin Rucksak zefannen. Et ass nach eng leschten Kéier Äddi gesot ginn an do war den Jamboree definitiv eriwwer.
Fazit vum Camp: Et war en super Camp, wollt Erfahrungen, interessant Leit kennen geleiert, sech net ze vill op anerer verloossen mäis och einfach d'Saachen selwer an d'Hand huelen.

Hei nach puer Zuelen zum Jamboree:
D'Campplaatz war esou grouss wei 800 Fussballfelder
Et woren 43'500 m2 Zelt opgeriicht gin
Fir Konstruktiounen waren 76'600 Pottoen Holz do
De groussen Tuerm hat 40 m an d'Plattform war op 16 m
Et goufen 2,7 Milliounen Meter Toiletten Pabeier verschafft
Wärend dem Camp goufen:
- 300,000 Glacen
- 47,000 Stecker Schokla
- 64,000 Séissegkeeten
- 3 Tonnen Popcorn
- 36,242 kg Gromperen
- 7,792 kg Meatballs
- 21,290 kg Räis
- 15,932 kg Kéis verschafft

D'Participanten hunn 95'553 Ennen, 68'549 kg Wuerzelen, 63'555 l Mëllesch, 77'750 Banannen, 8'976 kg Nuddelen an 16'406 kg Poulet verschafft.

Tahr

# Dem LIB séng Säit

Den LIB séng Säit

**Dir kënt dem LIB hëllefen an deems der folgend Aufgaben léist...**



**Wëlls de wëssen waat eraus kënnt?**
Ma dann verbann chronologësch d'Zuelen 1-22!



**Bass du gudd am SUDOKU?**
Heiranner kanns de dëch beweisen, guer nët Sou einfach an engem aaneren Format :)







Am rietsen Bild sinn **7 Fehler** dran.
Probéier se ze fannen an ëmkrees se!

# Lions Bleus NEWS
Lions Bleus News











**LIONS BLEUS SHOP**

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:
22/10/2011 - 12/11/2011 - 03/12/2011 - 14/01/12 - 11/02/12 - 03/03/2012 - 17/03/2012

# WOSM & fnel NEWS
WOSM&fnel News

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
43, rue de Hollerich
L-1741 Luxembourg
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
**09:00 - 12:00**
- 08/10/2011 - 22/10/2011

**17:30 - 19:30**
- 13/10/2011 - 10/11/2011
- 24/11/2011 - 08/12/2011

## ALLGEMENG Datumer:

| | |
|---|---|
| 01-02/10/2011 | FormationsWeekend BV |
| 15-16/10/2011 | JOTA-JOTI |
| 16/10/2011 | FormationsSortie LX |
| 18/10/2011 | Flashmob |
| 23/10/2011 | FormationsSortie SG/EX |
| 29-30/10/2011 | FormationsWeekend Leadership |
| 02-05/11/2011 | FormationsCamp LX |
| 03-05/11/2011 | FormationsCamp SG/EX |
| 11-13/11/2011 | Benevoler gi Gaass |
| 18/11/2011 | Rover-Quiz *(org.PNL)* |
| 19-20/11/2011 | Tronc commun |
| 14/12/2011 | Verre de l'amitié |

**Neien QG:** D'Struktur vum neien Quartier Général um Fetschenhaff steet. Den 29.Juli 2011 wor déi offiziell Straussenfeier. Fir den Moment ginn d'Fënsteren angesaat an den Bannenausbau leeft demnächst un.

**22.JAMBOREE zu Rinkaby an Schweden:** Op dësem hun 40'000 Participant'en deelgeholl aus 167 verschiddenen Natiounen. D'lëtzebuerger Délégatioun wor mat enger Rekordzuel vun 475 participant'en vun Scouten, Explorer, Rover oder IST'en vertrueden.

**Fusion FNEL-AGGL:** An der CPG & AG gouf d'Fusion vun der AGGL an der FNEL ouni Géigenstëmm festgehaalen. D'FNEL huet dann lo nach en 26.Grupp --> AGGL Rouden Milan Réiden/Atert.

**Nei SCOUTS-Chalets:** Enn September dëst Joër konnten d'Gruppen: Les Aigles, Daereldéieren, Dippëscher Dachsen sëch iwwert Aweihung vun hierem neien Scoutschalet freen.

**Nei besaaten Posten an der FNEL:**
COMM Gén./Adj.
Nathalie de la Fontaine/Krombach Georges
COMM Prog./Adj./Rap
........../........../Detail Michèle
COMM BV/Adj./Rap
........../........../..........
COMM LX/Adj./Rap
Laux Luc/Elsen Laure/Braas Vicky
COMM SG/Adj./Rap
Eyschen Marc/Fischer Manon/Jacoby Vic
COMM EX/Adj./Rap
Schubert Guy/Fischer Joël/Fay Paul
COMM RO/Adj./Rap
Kayser Franky/Fischbach Max

# LBB ROVERweekend LBB ROVERweekend

Gläich ass nees **Dezember,**
an ët **gët Zäit fir** eisen traditionnellen **Roverweekend** ëm Nikloosdaag.




**WEINI**
den
**3.- 4.Dezember 2011**



**Avis aux amateurs!**
D'Cheffenekipp huet sëch op allenfall deen Weekend mol fräigeschëppt, fir kënnen matzegoën...



**Gesicht gët:**
Eng gemixten, weiblech oder männlech Organioun, déi séngen aalen Routinier'en wëll eppes flottes bidden an oofverlaangen...
Fills du dech ungesprach, dann gëff déngem Härz e Stouss an gëff eis Info's vum RO-WE schnellstméiglechst weider :)




# Dem LIB séng Opléisungen Dem LIB séng Opléisungen







# FNEL Rover-Quiz Organiséiert vun PNL

**ROVER-**  **-18/11/2010**



Den dësjähregen Roverquiz gët vum Gewënner vum letzten Scoutsjoër organiséiert, an zwar vun den **"Panthères noires"** vun Luerenzweiler!
Den Roverquiz ass e gemiddlechen owend ënnert gläichaltregen, déi en Maufel zesummen iessen an dono dann géintenaaner untrieden an deenen verschiddensten Themen.
Un dësem Rover-Quiz deelzehuelen mat enger Ekipp vun den Lions Bleus ass sëcherlech eng gudd Méiglechkeet, fir e flotten owend zesummen ze verbréngen & aaner Rover besser kennenzeléieren.
**Bass du interesséiert**, dann so dem Gruppenchef bescheed, dat mer eis kënnen kollektiv unmelden :)

fnel scouts & guides

# Les amis des Lions Bleus
Les amis des Lions Bleus



Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?
Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?
Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.
Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.
Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den "AMIS DES LIONS BLEUS"

# ? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem "ordre permanent"*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun "Les amis des Lions Bleus" + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en "revenue" zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.
Natierlech fréën mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegen Don!
** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.
Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!
Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!
***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***

# et schengt

et schengt

01) wei wann den Scouten hier Orientèirungskentnisser um Pow-Wow nët déi allerbescht gewierscht wieren
02) wei wann um Pow-Wow eng iwwerdimensional Piscine mat engem geféierlech Parcours opgeriicht ginn wor
03) wei wann daat traditionelt Léiwenfest um Enn des Scoutsjoërs Wieder bedingt oofgesoot ginn wier
04) wei wann um Cheffenweekend am September den Steebock & den Italiener d'Montéesplaaz opmoossen woren
05) wei wann d'Corse elo een Joër hier ass!
06) wei wann den neien Chef nët géing wëssen wéi een en Home frëndlech reservéieren soll
07) wei wann wann den groussen Mammutchef  erdronk wär
08) wei wann den neien Siége um Fetschenhaff dëst Scoutsjoër nët méi angeweit geif ginn
09) wei wann den C3 vun eisem Steebock ët nët gudd hätt
10) wei wann eis Gruppeversammlung eng riesen Stärenbastel gefuerdert huet
11) wei wann verschidden Léit vun engem séngem Gebuertsdaag profitéiert hätten
12) wei wann ët an der Nuecht no der Gruppenversammlung an d'Home erangereent hätt
13) wei wann d'Gruppenversammlung en spektakulären Héischpunkt haat
14) wei wann e Wëllefcherschef nët méi gudd gesinn hätt op der Gruppenversammlung
15) wei wann d'Léiwen am Summer baal naas gin woren
16) wei wann mer momentan eng ganz Family an eisen Grupp kruuten
17) wei  wann 8-11 en beleiwten Scoutsalter wier
18) wei wann de Prinzessinenclub no laange Joeren bestoen sëng Dieren misst zou maachen
19) wei wann Jamboree T-Shirten missten als eischt waarm gewäscht gin
20) wei wann Eisklammen gefeierlech ass
21) wei wann verschidden Leit nom B.P. sengem Scoutsgeecht gehandelt hun

# et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

01) wei wann sie sëch verlaaf hätten, an Samstes als allerletzt Trupp op der Nuetsplaaz ukoumen
02) dat dës sou gefaart wor, dat d'Léit sëch schon SA nomëttes doheem vum Trampolin geschmass hun
03) wei wann ët owes gudd gereent hät an d'LBB als FNELs Grupp nët den richtegen Droot no uewen haaten
04) dat sie dës ze genee opgemooss haaten, well irgendwann gët den Parchoc nët méi no
05) wei wann ma awer een ganzt schéint Souveniersbuch zesummengestalt kruuten
06) wei wann déi op der aanerer Säit vun der Leitung d'Reservatioun fir een Telefonsstreich gehaal hätten
07) wei wann ët sëch rausgestallt hätt, dass dëst zum Gléck nët wouer wor
08) wei wann de Siége eréischt fir am Oktober 2012 färdeg géif gin
09) wei wann den Steebock dem C3 säin Parchoc an enger Baamwuerzel gediebelt hätt
10) wei wann mer mat engem eenzegen Cutter 120 Stären ausgeschnidden hätten
11) wei wann sie zu fënnef einfach mol sou bei dem Tahr séngem Cousin opgetaucht woren
12) wei wann mir en Leck am Daach iwwer eisem Dortoir hätten
13) wei wann e puer Cheffen eng rieseg Poulie opgeriicht haaten
14) wei wann dësen d'Konfrontatioun mat der gliesener Schiebefënster gesicht haat
15) wei wann d'Léiwenfest am letzten Moment dofir oofgeblosen gin wier
16) wei wann  deen Klengsten vum Groussen erzunn gi wier
17) wei wann Zuel vun den Wellefcher dest joer baal um Maximum ugelaangt wier
18) wei wann daat just eng Rumöre wier an das dén nächsten Prinzessinenbaal am Joer 2012 géif stattfënnen
19) wei wann en S T-Shirt mei laang wier wei en L T-Shirt
20) wei wann noom Eisklammen heinsdo d'Aan wei keint hun
21) wei wann Leit geholf hun den Camp-Site zeraumen

Melle Meyer Arlette - MM Majerus TIna - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - MM Kremer-Braun - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M.Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane

D' Wandrous no 334 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Lex, Kodiak, Christophe, Tamia, Tameng & Eric

**Un der WANDROUS N°335 hun matgeschafft:**
LIB / Maîtrise Beaver - Wëllef - Scouten a Explorer / Vanda / Prunelle / Ketty / Sarah / Ruben / Tahr / Tamia / Kodiak / LIB & Prinzessinen

# Programm Wandrous

De Wandrous Programm

## oktober' 11

| | | |
|---|---|---|
| Sa | 1 | MONTÉE |
| So | 2 | MONTÉE |
| Me | 3 | |
| Dë | 4 | |
| Më | 5 | Permanence |
| Do | 6 | |
| Fr | 7 | |
| Sa | 8 | Beaver/Meute/Trupp/Explorer |
| So | 9 | |
| Me | 10 | |
| Dë | 11 | |
| Më | 12 | Permanence |
| Do | 13 | |
| Fr | 14 | |
| Sa | 15 | Beaver/Meute<br>VIIZ-WEEKEND (SG/EX/RO)<br>& EXPLORER-MONTÉE |
| So | 16 | VIIZ-WEEKEND |
| Me | 17 | |
| Dë | 18 | Flashmob |
| Më | 19 | Permanence |
| Do | 20 | |
| Fr | 21 | |
| Sa | 22 | Beaver/Meute/Patrull/Explorer<br>Elterenversammlung 16:15 |
| So | 23 | |
| Me | 24 | |
| Dë | 25 | |
| Më | 26 | Permanence |
| Do | 27 | Comité |
| Fr | 28 | |
| Sa | 29 | |
| So | 30 | |
| Me | 31 | |

## november' 11

| | | |
|---|---|---|
| Dë | 1 | |
| Më | 2 | |
| Do | 3 | BEAVERCAMP |
| Fr | 4 | BEAVERCAMP |
| Sa | 5 | BEAVERCAMP<br>EXPLORER-Hike |
| So | 6 | EXPLORER-Hike |
| Me | 7 | |
| Dë | 8 | |
| Më | 9 | Permanence |
| Do | 10 | |
| Fr | 11 | |
| Sa | 12 | Beaver/Meute/Trupp/Explorer<br>LBB-Shop 15:45-16:15 |
| So | 13 | |
| Me | 14 | |
| Dë | 15 | |
| Më | 16 | Permanence |
| Do | 17 | |
| Fr | 18 | ROVER-QUIZ bei den PNL<br>Wandrouseinsendeschluss |
| Sa | 19 | Beaver/Meute/Patrull<br>EXPLORER-SORTIE |
| So | 20 | |
| Me | 21 | |
| Dë | 22 | |
| Më | 23 | Permanence |
| Do | 24 | Comité |
| Fr | 25 | Wandrousredaktionsschluss |
| Sa | 26 | Beaver/Meute/Trupp/Explorer<br>LBB-SCHAFFweekend |
| So | 27 | LBB-SCHAFFweekend |
| Me | 28 | |
| Dë | 29 | |
| Më | 30 | Permanence |
| Do | 31 | |

## dezember' 11

| | | |
|---|---|---|
| Do | 1 | |
| Fr | 2 | KLEESCHEN |
| Sa | 3 | keng Versammlungen<br>LBB ROVER-Weekend |
| So | 4 | LBB ROVER-Weekend |
| Me | 5 | |
| Dë | 6 | |
| Më | 7 | Permanence |
| Do | 8 | |
| Fr | 9 | |
| Sa | 10 | Beaver/Meute/Patrull/Explorer |
| So | 11 | |
| Me | 12 | |
| Dë | 13 | |
| Më | 14 | FNEL Verre de l'amitié<br>Permanence |
| Do | 15 | Comité |
| Fr | 16 | EXPLORER-CAMP |
| Sa | 17 | BEAVER-WEEKEND<br>WËLLEFCHERS-CAMP<br>EXPLORER-CAMP |
| So | 18 | BEAVER-WEEKEND<br>WËLLEFCHERS-CAMP<br>EXPLORER-CAMP |
| Me | 19 | WËLLEFCHERS-CAMP |
| Dë | 20 | |
| Më | 21 | |
| Do | 22 | |
| Fr | 23 | |
| Sa | 24 | |
| So | 25 | |
| Me | 26 | |
| Dë | 27 | SCOUTS-CAMP |
| Më | 28 | SCOUTS-CAMP |
| Do | 29 | SCOUTS-CAMP |
| Fr | 30 | |
| Sa | 31 | |

# Allerläscht Wandrous - Säit

**www.lionsbleus.lu**

Moien Explorer, ech sin ären néie Rap!!!*



* THAT'S ALL FOLKS